Nico Graf (Journalist bei RTL-Radio)

# „Eng Angscht-Struktur, déi zerstéiert muss ginn“

Verschwörungstheoretiker de tout bord an déi Kommentateuren, déi sech fir méi intelligent halen an déi gär och méi arrogant sinn wéi di aner, kënnen jo net gleewen, datt et Fakte gëtt, déi einfach esou héich kommen, ouni datt iergend eng finster Oflenkung vu wat och ëmmer derhannert stécht.

Woubäi et jo evident ass, datt et eng Constante gëtt bei den drei Sujeten, iwwer déi dëst Joer esouvill geschwat ginn ass, an d'Constante ass den dëcke Goss, dee sollt gemat ginn: mat Stadion an Outlet, erem mat der Cargolux a mat de Qatariën an och mat Sandstone a mat dëcke Platze beim Staat. Et ass leider fir all déi Leit eng negativ Constante ginn, d'Geschäfter an d'Geschäftercher sinn all schief gang. An am Fall Léiweng-Weckreng war d'Krise esouguer très bien venue fir alles ënner dem Spuerdiktat ze begruewen a näischt wirklech ze klären.

Ansonsten solle mir Journalisten net esou nombrilistesch sinn, eis net esou eescht huelen. Well aner Leit handelen an hiert Handelen huet Konsequenzen. Wann baussent de Medienheiser eppes geschitt, wa gehandelt gëtt, da sinn finanziell Dynamiken am Spill, et sinn juristesch Dynamiken am Spill, et sinn perséinlech Dynamiken am Spill. Déi hiert éigent Liewen entwéckelen, deenen ee nogoe muss, wann ee sei Beruff als Journalist eescht hëllt.

Zwee Beispiller: et ass de Parquet, deen eng 12 (!) Leit vum SREL als Zeien an de Bommeleeër-Prozess rifft, an déi 12 ginn och geruff, fir de Rôle vum SREL an dëser Affair erauszekéddelen. An et ass e fréiere freie Mataarbechter vum SREL, dee bei de juge d'instruction gang ass a sot hien hätt de Colonel Harpes ofgelauschtert. A well mir bei RTL an deem Dossier vill geschafft hunn, si mir dat gewuer ginn a froe weider. Maachen eis Aarbécht. An d'Affair Geheimdéngscht kënnt un d'Rullen.

En zweet Beispill: et ass d'Entreprise Rollinger, déi Plainte gemat huet géint de Flavio Becca. An et gouf gestreet, den Dossier wier explosiv. An de Parquet huet Perquisitioune gemat beim Flavio Becca. A mir bei RTL hunn Froe gestallt, hunn eis Aarbécht gemat.

An et ass d'Fro – an op déi muss jidfer Chefredacter a jidfer Directer vu jidfer Medienhaus selwer eng Äntwert ginn – firwat net jidfer Redactioun sech op déi interessant Sujete stierzt. An et soll ee net déi, di iwwerhapt investigativ schaffen, froen, firwat si net op jidfer Dossier investigativ schaffen. Dat huet och mat banaler ze klenger Manpower an de Redactiounen a mat perséinlechen ze klengen Energie-Ressourcen ze dinn.

An et gëtt evident politesch Bremsen an eenzelne Medienhaiser, wa neischt geschitt, da ginn Fotoë retouchéiert a Sujeten esou kleng wéi méiglech gehal an d'Journaliste-Kollegen ginn diffaméiert.

An domat ass och d'Fro beäntwert, op eenzel Journalisten an eenzel Haiser cooperéieren. Natierlech net. Well jidfer Haus jalous seng Sujete an domat och seng Wichtegkeet, seng Annoncen, seng Publizitéit, sei Pabeier, le cas échéant: seng Politiker erhalen a verkafe well. Quitte datt ech perséinlech heiandso richteg frou sinn, wann en anere Radio, eng Zeidung och op deemselwechten Dossier schafft ewéi ech. Et hëllt Drock ewech, baut neien Drock op, et dreift d'Saach virun, d'Wouerecht kënnt méi séier eraus. An et ass dorëms wou et en fin de compte geet: wat war do lass? Wien huet wat firwat gemat? Froen, déi vill ze seele gestallt gi sinn. Z. Bsp. beim SREL: wien huet da scho richteg hart nogefrot, bei der bekannter (!) an enorm erstaunlecher Nouvelle, datt de Marco Mille bei Siemens gang ass? Wien ass an dat bekannte (!) Nascht Becca-Lux-Finck-Halsdorf stëpele gang?

Eent schéint mer kloer ze sinn: wann een als Journalist net méi zefridden ass, ze repetéieren wat anerer soen, net méi zefridden ass iwwer déi grouss, deck Teppecher ze treppelen, wann een ufänkt ze mierken, datt do interessant a bosseg Saachen drënner läien, wann ee schafft – an de Réckhalt vu senge Cheffen huet – da kommen interessant Bänner an Artikelen eraus. A wann ee gutt Quellen huet; wann e pur Source sech recoupéieren; wann een iwwerpréift huet, datt ee net benotzt gëtt. A wann d'Leit, déi eppes wëssen, an deeer gët et honnerten am Land, de Courage hunn mat Journalisten ze schwätzen. Vill ze dacks kritt een ze héieren: mäi Bouf schafft beim Staat, ech soe näischt.

An deem Sënn ass dëst Land nach net erwuessen; déi do Uewen, déi Dëck, d'Ministeren ginn haut nach ëmmer gefart, wéi fréier de Paschtouer, de Buergermeeschter, de Notaire an den decke Bauer, eng Angscht-Struktur, déi zerstéiert muss ginn. An dat geet nëmme mat Ëffentlechkeet. A mat Quelleschutz. Mee doriwwer kee Wuert, well Informatiounen sinn de fonds de commerce vun all Journalist – an et ass permanent d'Hoffnung, datt de SREL et ses annexes net an der Leitung sëtzen. ◆